

Lëtzebuerg, de 14. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Verdeedegungsminister a Minister fir déi bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

Am rezenten „Arrêt n°00177 vum 3. März 2023“ vun der Cour Constitutionnelle gëtt festgehalten, dass den Art.20 aus dem Arméisgesetz vum 23. Juli 1952 géint den Art.96 vun der Verfassung verstéisst. Op Basis vum Artikel 95ter. vun eiser Verfassung ass den Art.20 no der Publikatioun vum Arrêt deemno net méi applicabel a verfassungswiedreg.

An deem Kader wollte mir dem Verdeedegungsminister a Minister fir déi bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- *Wéi wëll de Minister op dëst Urdeel reagieren?*
- *Wat fir eng Repercussiounen huet dëst Urdeel op de Rekrutement vun de fräiwëllegen Zaldoten?*
- *Wat fir Auswierkungen huet dëst Urteil op d'Bezuele vum Solde vun de fräiwëllegen Zaldoten, sachant datt déi Payementer hir gesetzlech Basis och am viséierten Artikel 20 hunn?*
- *Wat fir eng Bedeutung huet dëst Urteil am Kontext vum neien Arméisgesetz, dat um Instanzewee ass? Mussen hei nei Adaptatioune gemaach ginn?*



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Ass d'Police direkt oder indirekt vun dësem Urteel
betraff? “*

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY
Deputéierten



Gusty GRAAS
Deputéierten